Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/09/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Energie weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg ginn d'Präisser op der Pompel fir Bensinn an Diesel vum Wirtschaftsministère zesumme mam Pëtrolssecteur festgeluecht (nom ofgeännerte Gesetz vum 15te Februar 2015 relative à l'organisation du marché de produits pétroliers).

Well et sech ëm Maximalpräisser handelt, kéinten d'Tankstellen hire Sprit awer och ënnert dësem Präis verkafen. Dat maachen awer déi wéinegst, bis op sporadesch Promotiounen.

Wëssenswäert ass och, dass d'Pëtrolsfirmen an dëse Kontrakter d'Pëtrolsfirmen och eng Profitmarge geséchert kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mol goufen an de leschte fënnef Joer Diesel oder Bensinn ënnert dem Maximalpräis op enger Tankstell affichéiert a verkaf (Promotiounen ausgeschloss)?

2. Wéi huet sech d'Distributiounsmargen an deene leschten 10 Joer entwéckelt?

3. Huet de Minister eegen oder extern Analysen, zum Beispill vun der Autorité de la concurrence, dass d'Präiskonkurrenz um Lëtzebuerger Pëtrolsmarché net funktionéiert (existéieren Hiweiser op ee Kartell)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten